

Master en
langues, cultures
et médias

—
Lëtzebuenger
Studien

Descriptif vun de Coursen

1. Semester
WS 2011-2012

IWWERSIICHT

CALENDRIER ACADÉMIQUE 2011-2012	3
STONNEPLANG VUM 1. SEMESTER (WS 2011/2012).....	4
DESCRIPTIF VUN DE COURSEN.....	5
Kärberäich 1: Sproochwëssenschaft.....	5
Kärberäich 2: Literatur	8
Kärberäich 3: Medien- a Kulturwëssenschaft.....	12
Fuerschungsmethoden (F).....	16
Weider Coursen an der lëtzebg. Sprooch- a Literaturwëssenschaft.....	18
ADRESSEN AN TELEFONSNUMMEREN.....	20
NËTZLECH LINKEN	21

CALENDRIER ACADÉMIQUE 2011-2012

	Datum	Woch
Wantersemester	19.09.2011 – 28.01.2012	38/ 2011 – 04/ 2012
Coursen	19.09.2011 – 17.12.2011	38/ 2011 – 50/ 2011
Preparatioun vun den Examen	02.01.2012 – 07.01.2012	1/ 2012
Examen	09.01.2012 – 28.01.2012	02/ 2012 – 04/ 2012
Zwëschesemester-Period am Wanter	30.01.2012 – 18.02.2012	05/ 2012 – 07/ 2012
Summersemester	20.02.2012 – 23.06.2012	08/ 2012 – 25/ 2012
Coursen	20.02.2012 – 26.05.2012	08/ 2012 – 21/ 2012
Preparatioun vun den Examen	28.05.2012 – 02.06.2012	22/ 2012
Examen	04.06.2012 – 23.06.2012	23/ 2012 – 25/ 2012
Zwëschesemester-Period am Summer	25.06.2012 – 17.09.2012	26/ 2012 – 37/ 2012
Déi offiziell Vakanzen, ofgesi vun de Feierdeeg, sinn:		
Chrëschtvakanz	19.12.2011 – 31.01.2011	51/ 2011 – 52/ 2011
Ouschtervakanz	02.04.2012 – 07.04.2012	14/ 2012

STONNEPLANG VUM 1. SEMESTER (WS 2011/2012)

Dënnschdeg

Zäit	Module	Domaine	Tuteur	Sall
8.15 - 9.45	Lg1: Sprooch(en) 1	Lëtzebuergesch Linguistik I	Peter GILLES	X.2.33
10.00 - 11.30	Lg4: Sprooch(en) 4	Soziolinguistik vu Lëtzebuerg an der Groussregioun I	Melanie WAGNER	X.2.33
11.45 - 13.15	Me1: Médias 1	Introduction aux études des médias	Gian Maria TORE	X.2.33

Mëttwoch

Zäit	Module	Domaine	Tuteur	Sall
10.00 - 11.00	Lg1: Sprooch(en) 1	Übung als Ergänzung bei de Module Lg1; optional, awer recommandéiert	Christine BRECKLER, Fränz CONRAD, Peter GILLES	VI.313

Donneschdeg

Zäit	Module	Domaine	Tuteur	Sall
8.15 - 9.45	Li2: Literatur 2	Kultur- a Literaturgeschichte vu Lëtzebuerg vum 19. bis 21. Jh.	Jeff BADEN, Frank HOFFMANN	X.2.33
10.00 - 11.30	Li1: Literatur 1	Aféierung an d'Geschicht vun de Lëtzebuerger Literaturen	Jeanne E. GLESENER	X.2.33
11.45 - 13.15				
14.15 - 15.45	F: Fuerschungsmethoden	Methodeseminaire	divers	X.2.33
16.00 - 17.30	Me2: Médias 2	Histoire et culture des médias au Luxembourg	Paul LESCH	X.2.33

DESCRIPTIF VUN DE COURSEN

Kärberäich 1: Sproochwëssenschaft

Vermëttlung vu linguisteschen a soziolinguisteschen Analys- a Beschreibungsmethoden applizéiert op d'Lëtzebuergesch an déi lëtzebuergesch Sproochesituatioun: Beschäftegung mat de sproochleche Strukturen (Phonetik/Phonologie, Morphologie, Syntax), der Sproochgeschicht a -standardiséierung, mat der Méisproochegkeet, Sproochkontakt a Code-switching a mat der Sproochepolitik. Bei all Aspekt gëtt och berücksichtegt, wat fir en Afloss déi héich Variatioun (sozial, regional, individuell) op déi sproochlech Strukture resp. déi konkret Kommunikatiounssituatioun huet.

Module Lg1	<i>Lëtzebuergesch Linguistik I</i>		
Titel vum Cours	Grundlage vun der linguistescher Lëtzebuergistik		
Dën, 8h15-9h45	Raum: X.2.33	ECTS: 5	Peter GILLES

Objektiver vum Cours

An dësem Cours gëtt dat néidegt Handwierksgeschir ausgeschafft, fir déi linguistesche, grammatesch Struktur vum Lëtzebuergesche beschreiwen ze kënnen. A Form vun enger Virlesung ginn déi heite Kärberäicher vun der Linguistik traitéiert:

1. Phonetik/Phonologie - déi lautlech Struktur
2. Orthographie - déi schrëftlech Struktur
3. Morphologie - den Opbau vum Wuert
4. Syntax - den Opbau vu Sätz

Allgemeint Zil ass et, nieft Beschreibungs- a Systematiséierungskompetenzen och déi néideg Sensibiliséierung fir déi héich Variatioun am Lëtzebuergeschen opzebauen. An dësem Cours gëtt och déi Lëtzebuenger Orthographie behandelt. An enger Dictée muss all Student weisen, datt hien d'Schreifweis beherrscht.

Fir dëse Cours gëtt begleetend eng Übung ugebueden (mëttwochs 10.00-11.00, Sall VI.313) an deer d'Matière aus dem Haaptkurs diskutéiert a verdéift gëtt. D'Participatioun ass optional, mee recommandéiert.

Learning outcomes

Um Enn vum Cours kënnen d'Studentinnen an d'Studenten

- d'lëtzebuergesch Grammaire beschreiwen
- analytescht Handwierksgeschir kompetent asetzen
- Variatioun an der Sprooch erkennen a méiglech Souché fir d'Variatioun diskutéieren
- richtig Lëtzebuergesch schreiwen

Literatur

- MÜLLER, Horst M. (Hg.) (2002): *Arbeitsbuch Linguistik*. – Paderborn: UTB Schöning.
- SCHANEN, François (2004): *Parlons Luxembourgeois*. – Paris: Harmattan.
- SCHANEN, François/ ZIMMER, Jacqui (2005, 2006): *1, 2, 3 Lëtzebuergesch Grammaire. Vol.1: Le groupe verbal. Vol.2: Le groupe nominal. Vol.3: L'orthographe*. – Esch-sur-Alzette: Schortgen.

Evaluatioun

- Hausaufgaben
- Klausur
- Dictée

Module Lg2	<i>Soziolinguistik vu Lëtzebuerg an der Groussregioun I</i>		
Titel vum Cours	<i>Soziolinguistesche Theorien a Methoden</i>		
Dën, 10h00-11h30	Raum: X.2.33	ECTS: 5	Melanie WAGNER

Objektiver vum Cours

An dësem Cours gi Konzepter aus der Soziolinguistik, déi speziell fir eng Etude vun der Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg interessant sinn, virgestallt an zesumme mat de Studenten ausgeschafft an erfuerscht. Zousätzlech zu Konzepter, déi sech mat der Méisproochegkeet an dem Sproocheschoix a verschiddenen Domainen, wéi der Famill, der Schoul oder der Aarbecht, befaassen, gëtt sech och mat der visueller Méisproochegkeet beschäftegt. An dësem Deel vum Cours gëtt de *Linguistic Landscape* vu Lëtzebuerg mat de Studenten ënnersicht, fir erauszefannen, wat fir eng Sproochen een zu Lëtzebuerg gesäit, wou een se fënnt a wien se wou affichéiert.

Konzepter déi am 2. Semester behandelt ginn, sinn z. B. *Code switching* an der Famill, der Aarbecht asw., *Gender*, *Literacy*, sozial Netzwierker a *Linguistic Landscapes*.

Learning outcomes

Um Enn vum Cours kënnen d'Studenten

- verschidde soziolinguistesche Konzepter, déi sech zu Lëtzebuerg applizéiere loossen, beschreiwen
- dës soziolinguistesche Konzepter applizéieren
- relevant Fuerschungsmethoden eraussichen an uwenden
- soziolinguistesche Sujete recherchéieren, presentéieren an diskutéieren
- en eegene Fuerschungsprojet ausschaffen, ausféieren a souwuel mëndlech wéi schrëftlech presentéieren

Literatur

- BARTON, David (2007): *Literacy. An Introduction to the Ecology of Written Language*. London: Blackwell.
- BACKHAUS, Peter (2007): *Linguistic Landscapes. A Comparative Study of Urban Multilingualism*. Tokyo. Clevedon: Multilingual Matters.
- HOFFMANN, Fernand (1987): Pragmatik und Soziologie des Lëtzebuergeschen: ein Versuch kommunikativer Sprachwissenschaft. In: GOUDAILLER, Jean-Pierre (éd.): *Aspekte des Lëtzebuergeschen*, Hamburg: Helmut Buske Verl. pp. 91-194.
- RAJEND Mesthrie, J. SWANN, A. DEUMERT and W. LEAP (2000): *Introducing Sociolinguistics*. Edinburgh: Edinburgh University Press.

Evaluatioun

- Präsentatioun + schrëftlech Hausaarbecht (5000 Wieder)
-

Kärberäich 2: Literatur

An dësem Deel vum Masterprogramm geet et drëm, duerch eng Aféierung an d'Lëtzebuenger Literatur an hire verschiddene Sproochen, e fondéiert Wësse vum Kanon an iwwert d'Wierker aus de verschiddene Gattungen ze vermëttelen. Am literaturhistoreschen Iwwerbléck vun der Lëtzebuenger Literatur gëtt op déi Entwécklungen, Zäsuren a Wenden higewisen, déi d'Literaturdynamik während den eenzelnen Epoquë konditionnéiert hunn. Nieft der literaturhistorescher Approche sinn et och literaturtheoretesch a literatursoziologesch Methoden, Theorien a Konzepter déi hei Hëllef solle, Texter an hirem historesche Kontext ze verstoen an z'interpretéieren. D'Literature ginn net nëmmen an hirem Bezuch ënnerteneen, mee och an hiren internationale Bezéiungen, Uleenungen an Orientatioune studéiert. Duerch kulturtheoretesch a -wëssenschaftlech Modeller an Aspekter solle Praktiken an Techniken vum Kulturtransfer a spezifesche interkulturell Elementer an der Lëtzebuenger Literatur nogewise ginn.

E weidere Schwéierpunkt besteet dodran, Literatur an hire Bezéiungen a Kontributiounen zum sozialen, historeschen, politeschen an institutionnelle Kontext ze gesinn an z'analyséieren.

Module Li1	<i>Aféierung an d'Geschicht vun de Lëtzebuenger Literaturen</i>		
Titel vum Cours	<i>Entwécklung, Zäsuren an Tendenzen</i>		
Don, 10h00-11h30	Raum: X.2.33	ECTS: 5	Jeanne E. GLESENER

Objektiver vum Cours

Dëse Cours versteet sech als eng breet ugeluechten Aféierung an d'Geschicht vun der Lëtzebuenger Literatur, vun hiren Ufäng am 19. Joerhonnert bis haut. De Schwéierpunkt läit op der paralleler Entwécklung vun der Literatur op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Unhand vun ausgewielten Texter aus de Gattunge Roman, Poesie an Essai solle Grondkenntnisser iwwert de Lëtzebuenger Literaturkanon vermëttelt ginn. Literatur- a Kulturbezéiungen zu de benoperte Kulturnatioune sinn e weidere Sujet vun dësem Cours. Si erlaben et och, op d'Problemer vum Schreiwen tëschent de Sproochen anzegoen an esou d'Figur vum polyglotte Lëtzebuenger Schrëftsteller z'ëmräissen.

Donieft gëtt d'Lëtzebuenger Literatur an engem méi generelle Kontext behandelt, an deem et drëm geet, d'Literaturproduktioun zu Lëtzebuerg, d'Verlagswiesen, Literatur an der Presse, Literaturmanifestatiounen a literaresch Gesellschaften virzestellen.

Learning outcomes

No Ofschloss vun dësem Cours hunn d'Studentinnen an d'Studenten

- een allgemengt Wëssen iwwert d'Geschicht vun der Lëtzebuurger Literatur
- Kenntnesser vun de Problemer an der Partikularitéit vun der Lëtzebuurger Literatur a hirem *champ littéraire*
- Interpretatiounen an Approchen zu den Texter kritt

Bibliographie

- GOETZINGER, Germaine/ CONTER, Claude D. (éds.) (2008): *Identitäts(de)konstruktionen. Neue Studien zur Luxemburgistik*. – Esch-Alzette, Editions PHI-Cnl.
- GOETZINGER, Germaine/ CONTER, Claude D. (éds.) (2007): *Luxemburger Autorenlexikon*. – Mersch, Cnl.
- GOETZINGER, Germaine (1991): Die Referenz auf das Fremde. Ein ambivalentes Begründungsmoment im Entstehungsprozess der luxemburgischen Nationalliteratur. In: Yoshinori SHICHIJI (éd.): *Begegnungen mit dem 'Fremden'. Grenzen – Traditionen – Vergleiche*. – München, iudicium Verlag, 179-188.
- HOFFMANN, Fernand (1984): Das Erwachen, Aufblühen und Erstarren des luxemburgischen Nationalgefühls in der luxemburgischen Literatur. In: *nos cahiers*, n°2, 127-174.
- HONNEF-BECKER, Irmgard/ KÜHN, Peter (éds.) (2004): *Über Grenzen. Literaturen in Luxemburg*. – Esch-Alzette, Editions PHI-Cnl.
- HANSEN-PAULY, Marie-Anne (2002): The Languages of Literature as a Reflection of Social Realities and Traditions in Luxembourg. In: Manfred SCHMELING et alii: *Multilinguale Literatur im 20. Jahrhundert, Würzburg, Königshausen und Neumann*, 147-161.
- KIEFFER, Rosemarie (1990): Littératures luxembourgeoises? In: *Les Cahiers Lorrains*, n° 3-4, 287-296.
- KIEFFER, Rosemarie (1990): The Voice of Luxembourg Poets. In: *Analecta Husserliana*, vol XXXII, 117-130.
- MANNES, Gast (2007): *Luxemburgische Avantgarde. Zum europäischen Kulturtransfer im Spannungsfeld von Literatur, Politik und Kunst zwischen 1916 und 1922*, Esch/Alzette, Cnl-Editions PHI.
- MERSCH, Corina (1999): *Un miroir aux alouettes. Petit dictionnaire de la pensée nomade*. – Esch-Alzette, Editions PHI-Cnl.
- REISEN, Tom (2000): Les institutions littéraires au Luxembourg. In: Gerald NEWTON (éd.): *Essays on politics, language and society in Luxembourg*. – Lewiston, Edwin Mellen, 31-42.

- RIES, Nicolas (1911): *Le dualisme linguistique et psychique du peuple luxembourgeois*. – Diekirch, Paul Schroell.
- THYES, Félix (1996): *Essai sur la poésie luxembourgeoise* (1854). Texte présenté et annoté par Frank Wilhelm. – Mersch, Cnl.
- WEINS, Alain (1999): *‘Kann Poesie du Welt verändern?’ – Die Geschichte der Mondorfer Dichtertage*. – Echternach, Editions Phi-Cnl.
- WILHELM, Frank (2001): L’écrivain francophone grand-ducal et ses choix linguistique et culturel. In: *Revue belge de philologie et d’histoire*, t. 79, 884-906.
- WILHELM, Frank (1999): *La Francophonie du Grand-Duché de Luxembourg*, Pecs/Vienne, Cahiers francohones d’Europe Centre-Orientale.

Evaluatioun

- Rezensioun
- Aktivt Matschaffen am Cours
- Schrëftlech Aarbecht (5000 Wieder)

Module Li2	<i>Kultur- a Literaturgeschichte vu Lëtzebuerg vum 19. bis d’21. Jh.</i>		
Titel vum Cours	<i>D’Entwécklung vum Lëtzebuenger Theater vum 19. Jh. bis haut</i>		
Don, 8h15-9h45	Raum: X.2.33	ECTS: 4	Jeff BADEN & Frank HOFFMANN

Objektiver vum Cours

An dësem Cours geet et drëm, d’Evolutioun vum Lëtzebuenger Theater vun der éischer Opféierung vum „Scholdschäin“, dem Dicks sengem „Koméidistéck“ aus dem Joer 1855, bis haut opzeweisen. Dobäi geet et ëm eng stänneg Ausernanersetzung tëscht dem Eegenen an deenen inhaltleche wéi formalen Aflëss aus dem Ausland.

Dës Ënnersichung gliddert sech a grouse Linnen no véier Entwécklungsepochen:

- D’Virgeschicht vum Lëtzebuenger Theater
- Vun 1855 bis nom 2. Weltkrich
- Vun der Nokrichszäit bis 1970
- Vun 1970 bis haut

An dësem Prozess weist sech besonnesch zënter de leschten 20 Joer eng ëmmer méi grouss Professionaliséierung vum Theater op allen Niveauen an et kristalliséiert sech parallel dozou och eng ganz spezifesch Lëtzebuenger Theaterkultur eraus, déi sech iwwer d’Grenze vum Land eraus behaapte kann.

Learning outcomes

Um Enn vum Cours kennen d'Studentinnen an d'Studenten

- d'Geschicht an d'Spezifizitéit vum Lëtzebuerger Theater am Iwwerbléck
- d'Wierk vun engem Theater-Auteur am Detail

a si kënnen sech:

- literatur- an theaterwëssenschaftlech mat engem dramateschen Text ausen-
nansetzen

Literatur

- CHRISTOPHORY, Jul (1994): *A Short History of Literature in Luxembourgish*. – Luxembourg. (erweidert Neiooplo op Franséisch: Luxembourg 2005)
- CONTER, Claude D./ GOETZINGER, Germaine (Hg.) (2008): *Identitäts(de)konstruktionen, Neue Studien zur Luxemburgistik*. – Luxembourg.
- GOETZINGER, Germaine/ CONTER, Claude D. (2007): *Luxemburger Autorenlexikon*. – Mersch/ Luxembourg.
- HOFFMANN, Fernand (1967): *Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung*. 2 Bde. – Luxembourg.
- LINK, André (2004): *Vom Dekadentempel zur Kulturschmiede. Zweihundert Jahre Theatergeschehen in Luxemburg*. – Luxembourg.
- WELTER, Nikolaus (1914 etc.): *Das Luxemburgische und sein Schrifttum*. – Luxembourg.

Evaluatioun

- eng sproochlech korrekt formuléiert, fundéiert, wëssenschaftlech Aarbecht iwwert en
Auteur oder thematesch iwwergräifend Zesummenhäng (+/- 10 Säiten).
 - eng dokumentéiert Presentatioun vun der schrëftlecher Aarbecht am Cours
 - aktiv Mataarbecht am Cours
-

Kärberäich 3: Medien- a Kulturwëssenschaft

Les cours de cette section visent à étudier le rapport entre les médias et la culture. On analysera les médias comme les moyens de la production et de la consommation culturelle, en général et au Luxembourg en particulier.

Comment l'information, l'art, le divertissement, la politique, etc. vivent-ils à travers les médias ? D'une part, à quoi les médias servent-ils, comment les utilise-t-on ? Et d'autre part, comment agissent-ils sur nous ?

On étudiera la presse et l'ordinateur, les cinémas et les salles de musée. On n'entendra donc pas « média » au sens restreint de « média de masse », mais comme support et moyen pour la construction collective de la culture. On interrogera les médias comme de véritables médiateurs de la culture.

Outre un cours d'introduction générale aux études des médias (les différentes théories et approches, l'histoire et les problèmes culturels des médias), nous prévoyons cinq cours sur la situation du Luxembourg et de la Grande Région. Ils fourniront un savoir critique essentiel pour comprendre et analyser le Grand-Duché, dans sa spécificité et par rapport aux autres pays.

L'approche sera multidisciplinaire : sémiotique, sociologique, historique, esthétique. On étudiera aussi des situations de médiation culturelle précise, y compris à travers des rencontres avec des professionnels protagonistes de la scène locale.

Module Me1	<i>Introduction aux études des médias</i>		
Titel vum Cours	<i>Sémiotique des médias et de la communication</i>		
Dën, 11h45-13h15	Raum: X.2.33	ECTS: 5	Gian Maria TORE

Objektiver vum Cours

Le cours est une introduction aux « Media Studies » (ou « Medienwissenschaft »). Il se propose de fournir une compétence théorique générale pour l'étude des médias : les notions de base d'une part, un ensemble de démarches critiques de l'autre. Il se compose, pour l'essentiel, de deux parties :

- i) Une définition historique et sociale des « médias » :
Un parcours qui analyse le passage de l'oralité à l'écriture, des « mass media » (imprimerie, télégraphe, appareil photographique, phonographe, cinéma, radio, télévision...) aux « new media » (ordinateur, réalités virtuelles, appareils portables, smart phone...). On soulignera à chaque fois les changements socio-culturels qui se sont produits.

On insistera tout particulièrement sur les tendances actuelles : les caractéristiques des nouveaux médias (digitalisation, interactivité, interface...) et les nouvelles manières de donner sens à nos expériences et nos savoirs (cf. la « navigation », la « base de données »...).

ii) Une étude de la « communication » :

La définition du concept de « communication », son analyse critique et l'examen des phénomènes qui lui sont liés : signification, codes, interprétation, texte, supports, genres... On insistera sur le concept de « médiation », qui sert à expliquer le rôle des médias au sein de leurs situations de communication, dans des pratiques complexes (cf. la multimédialité), avec leurs usages multiples (information, promotion, esthétisation, distraction...).

On analysera une série de cas de médiations exemplaires (p.ex. la politique sur la presse et à la télévision, la musique aux concerts et dans les clips, le cinéma dans le monde des multisalles, etc.).

Le cours se dit de « Sémiotique » dans la mesure qu'il entend souligner et analyser les médias par leurs langages et leurs pratiques culturelles différents. Les médias y sont approchés non pas comme des simples véhicules d'une information, mais comme des techniques qui restructurent de manière fondamentale le monde du sens qui est le nôtre. Le cours respectera la nature internationale de la discipline des Media Studies, tout en mettant l'accent sur quelques exemples liés au Luxembourg. (La confrontation avec la situation du Grand-duché se fera notamment dans le cours « Arts et médiations artistiques au Luxembourg », ainsi que dans les autres cours du master.)

Learning outcomes

À la fin du cours, l'étudiant(e) saura

- identifier et déconstruire des idées reçues sur les médias et la communication (p.ex. les médias comme simples véhicules d'informations)
- définir les types des médias, à partir de leurs fonctionnements particuliers, leurs langages et leurs spécificités
- saisir les enjeux sémiotiques d'une communication (l'identité des acteurs, la redéfinition de leur manière de voir et sentir les choses, la séduction...)

En somme, avoir une « culture » de base pour l'étude des médias : connaître des théories de référence dans les Media Studies internationales et posséder des outils pour juger une situation de communication.

Bibliographie

I) Histoire et sociologie des médias de masse :

- FLICHY, Patrice (2004): *Une histoire de la communication moderne. Espace public et vie privée.* – Paris: La découverte.
- MEYROWITZ, Joshua (1987): *No Sense of Place. The Impact of Electronic Media on Social Behaviour.* – Oxford University Press, 2e édition.

II) Théories de la communication et de la médiation, nouveaux médias :

- MATTELART, Armand & Michèle (2002) : *Histoire des théories de la communication.* – La découverte, réédition ;
- + BENJAMIN, Walter (éd. or. 1935): *L'œuvre d'art à l'époque de sa reproductibilité technique*, Œuvres III. – Paris : Folio-Gallimard, 67-113 ;
- + BENJAMIN, Walter (éd. or. 1931): *Petite histoire de la photographie*, Œuvres II. – Paris : Folio-Gallimard, 295-321. [Ou n'importe quelle autre édition de Benjamin, en allemand ou en anglais].
- MANOVICH, Lev (2001): *The Language of New Media.* – MIT Press.
- BOLTER, Jay D. & GRUSIN, Richard (1999): *Remediation. Understanding New Media.* – MIT Press.

Une liste complémentaire de titres sera fournie dans le cours.

Evaluatioun

Une discussion orale où l'étudiant montrera une connaissance solide des arguments du cours et des livres de la bibliographie (au choix : un titre de I) et un de II) dans la rubrique ci-dessus).

Module Me2	<i>Histoire et culture des médias au Luxembourg</i>		
Titel vum Cours	<i>Aféierung an d'Lëtzebuenger Mediegeschicht</i>		
Don, 16h00-17h30	Raum: X.2.33	ECTS: 4	Paul LESCH

Objektiver vum Cours

Dëse Cours behandelt eng Rëtsch zentral Aspekter vun der Lëtzebuenger Mediegeschicht (geschriwwe Press, Kino, Radio, Televisioun an Internet), mat engem Schwéierpunkt op d'20. Joerhonnert).

Niewent enger aktiver Partizipatioun um Cours (Diskussioun a gemeinsam Analyse vu Schrëft-, Bild- a Filmdokumenten), ass och dat regelméisseg Lese vun historiescher a mediewëssenschaftlecher Literatur, esouwéi vu verschiddene Primärquellen zu de Lëtzebuenger Masseurmedien eng absolut Viraussetzung.

Learning outcomes

D'Studentin an de Student sollen iwwert de Wee vun enger historiescher Approche engersäits ee bessert Verständnis vun der aktueller nationaler Mediellandschaft, a gläichzäiteg awer och een Abléck an iwwert ee Joerhonnert Lëtzebuenger sozial, politesch, ekonomesch a kulturell Geschicht kréien.

Literatur

- JOST, François (sous la direction de): *50 fiches pour comprendre les médias*. – Bréal 2009.
- BARTH, Christof/ HEMMER, Martine: "Medien und Medienpolitik". In: Wolfgang H. LORIG, Mario HIRSCH (Hrsg.): *Das politische System Luxemburgs. Eine Einführung*. – VS Verlag für Sozialwissenschaften, Wiesbaden 2008.
- *Lëtzebuenger Kino. Aspects du cinéma luxembourgeois*. – CNA, Luxembourg, 2005.
- *à propos ... des médias au Luxembourg*. – Service information et presse, 2007.
- *à propos ... de la production audiovisuelle*. – Service information et presse, 2004.
- *Ons Stad*, no. 87 / avril 2008 (Spezialnummer iwwert Kinoen zu Lëtzebuerg).

Evaluatioun

An enger perséinlecher Recherche (Hausaarbecht vun 12 bis 20 Säiten) soll d'Studentin/de Student beweisen, datt si/hien ëmstand ass, wëssenschaftlech an historiesch un een (vun him erausgewielten) Deelaspekt vun der Lëtzebuenger Mediegeschicht erunzegoen, an dobäi nei Erkenntnisser zum Thema ze liwweren.

Fuerschungsmethoden (F)

Module F	<i>Fuerschungsmethoden</i>		
Titel vum Cours	Methodeseminaire		
Don, 14h15-15h45	Raum: X.0.34	ECTS: 3	divers Experten

Organisatioun vum Cours

Datum	Thema	Enseignant
22.09.2011	Bibliographieren/ Informationsbeschaffung an déi nei Medien	Peter GILLES
29.09.2011	Questionnaire- an Interviewtechnik	Mélanie WAGNER
06.10.2011	Opnamen: Technik an Transkription	Anne FRANZISKUS
13.10.2011	Methode fir d'Hausaarbecht	Christoph HAMANN
20.10.2011	Aféierung an d'Methodologie vun der Recherche an der Literatur	Daphne BOEHLES
27.10.2011	Zitater, Referenzen, Foussnoten, etc.	Jeanne E. GLESENER
03.11.2011	Méthode de lecture des textes théoriques scientifiques	Gian Maria TORE
10.11.2011	Aféierung an d'Analyse vum beweegte Bild	Paul LESCH
17.11.2011	Aféierung an d'Schaffe mat historeschen Dokumenter	Paul LESCH
24.11.2011	Linguistesch Demographie	Fernand FEHLEN

Objektiver vum Cours

An dësem Cours gëtt dat néidegt Handwierksgeschir vermëttelt, dat fir d'Recherche an d'Presentatioun vu Recherche an de verschiddene Modulle relevant ass. D'Studente léieren, wéi se an hire schrëftlechen Aarbechten aner Texter, ob Quellentexter oder wëssenschaftlech Texter, zitieren, a wéi se no Literatur sichen. De Studente gi verschidde Methode fir d'Sammelen a Verschaffe vun Daten, wéi z.B. Froebéi, Interviewen, Transkriptionen asw., virgestallt, mam Zil datt si fir hir spéider Aarbechten dat néidegt Handwierksgeschir hunn. Zousätzlech dozou léieren d'Studenten och, wéi se mat Texter, Doumenter oder Biller kënne wëssenschaftlech schaffen.

Learning outcomes

No Ofschloss vun dësem Fuerschungseminaire kennen d'Studentinnen an d'Studenten

- d'Methode fir ze bibliographéieren, ze zitéieren an eng Literaturrecherche ze maachen
- d'Methode fir hir Fuerschungsthemen ze cibléieren an se an der Ofschlossaarbecht ze formuléieren
- déi verschidde Methode fir d'Sammelen an d'Analyséiere vun empirischen Daten
- déi verschidden Usätz fir souwuel mat Dokumenter, Biller, wéi och mat empirischen Daten ze schaffen an dës z'analyséieren
- d'Aart a Weis, wéi e Projet ausgeschafft an duechgefouert gëtt.

Evaluatioun

2 Protokoller.

Weider Coursen an der lëtzebg. Sprooch- a Literaturwëssenschaft

Fuerschungscolloque

Am *Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises* gëtt all Semester e Fuerschungscolloque ofgehalen, an deem d'Mataarbechter an d'Doktoranden aus dem Laboratoire hir Projeten a Resultater respektiv Froen aus hirer Recherche virstellen an diskutéieren.

D'Studenten aus dem Master sinn agelueden, och un dësem Colloque deelzehuelen. Informatiounen iwwert de Plang vum Colloque ginn am Ufank vum Semester iwwer Aushang an iwwert den Internetsite <http://lux.ipse.uni.lu> bekannt ginn.

Module Friemsproochendidaktik (Formation continue *Lëtzebuenger Sprooch a Kultur*)

Dëse Module konzentréiert sech op kulturwëssenschaftlech Aspekter am wäitste Sënn, déi fir dat alldeeglecht Liewen an der Lëtzebuenger Sproochgemeinschaft relevant sinn. D'Beschäftegung mat Literatur a Medien erfollegt ënnert anerem och mat dem Zil, Materialie fir Coursen ze beschafen.

De Cours ass u verschiddene Freideger am Semester – fir e geneeë Stonneplang kuckt op www.laf.uni.lu

Bachelor en cultures européennes

Modul IV.2 : Jiddisch, Luxemburgisch, Deutsch: Kontrastive Betrachtungen (Vergleichende Sprachwissenschaft/*Mehrsprachigkeit*)

Dozentin: Ane Kleine-Engel

Veranstaltungstyp: Seminar

Zeit: Mittwoch, 14.15 –15.45

Ort: wird noch angekündigt

Kommentar: Neben dem Deutschen haben sich als jüngste westgermanische Ableger das Jiddische und das Luxemburgische zu selbständigen Sprachen herausgebildet, mit jeweils eigenständiger Grammatik, Syntax, Wortschatz und Aussprache. Das Jiddische kann dabei auf eine literarische Tradition seit dem 14. Jahrhundert zurückblicken und war vor dem zweiten Welt-

krieg mit fast 11 Millionen Sprechern die drittgrößte germanische Sprache. Heute kämpft Jiddisch als Sprache ohne Land gegen seine Marginalisierung. Die Entwicklung des Luxemburgischen hingegen ist eng verknüpft mit der Herausbildung eines luxemburgischen Nationalgefühls seit der Staatsgründung im 19. Jahrhundert. Trotz einer relativ geringen Sprechergruppe von geschätzten 300.000 native speakern ist Luxemburgisch heute im Zentrum Europas vertreten, wird durch Fremdsprachenkurse gestützt und ist seit 1984 offizielle Nationalsprache des Landes.

Unter besonderer Berücksichtigung der historischen Sprachstufen betrachten wir kontrastiv zum Deutschen Parallelentwicklungen und Besonderheiten, die beide Sprachen – Jiddisch und Luxemburgisch – eingeschlagen haben. Dabei zeigt sich auch, wann und wo es eigentlich das Deutsche war, das in seiner Entwicklung den erklärungsbedürftigen Sonderweg einschlug während sich Jiddisch und Luxemburgisch gradlinig entfalteten.

Bibliographie: Bekanntgabe zu Beginn der Lehrveranstaltung.

Prüfung: schriftliche Hausarbeit; für Studierende im Master - Lëtzebuenger Studien wird mit der Dozentin zu Anfang des Semesters eine angemessene Prüfung vereinbart.

ADRESSEN AN TELEFONSNUMMERE

Adress Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises
Université du Luxembourg
Campus Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange

Bréifkëscht Route de Diekirch, B.P.2
L-7201 Walferdange

Website <http://malux.uni.lu>
<http://lux.ipse.uni.lu/>

Online-Plattform Als e-learning-Plattform, op deer d'Dozenten online iwwert hire Cours informéiere kënnen an och Dateien astellen, déi fir de Cours relevant oder ze preparéiere sinn, benotze mir d'*Moodle*-Plattform vun der Fakultéit LSHASE: <https://moodle.flshase.uni.lu/>

Organisatioun

Prof. Dr. Peter Gilles (directeur d'études)
Bureau: X.0.25 [Spriechtstonn: dënnschdes 17h00-18h00]
Email: peter.gilles@uni.lu
Telefon: 466644-6383

Dr. Melanie Wagner (allgemeng Organisatioun)
Bureau: X.0.24
Email: melanie.wagner@uni.lu
Telefon: 466644-6271

M. Pedro Tavares Mendes (Sekretariat, allgemeng Informatiounen)
Bureau: X.0.29
Email: pedro.mendes@uni.lu
Telefon: 466644-9617

NËTZLECH LINKEN

infolux - Informationsportal iwwer d'Fuerschung am Lëtzebuergeschen

- Den infolux-Portal informéiert iwwer déi aktuell Fuerschung, d'Projeten an d'Aktivitéiten, déi am *Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises* op der Université du Luxembourg ugesidelt sinn an iwwert déi neist linguistesche Literatur.
- <http://infolux.uni.lu>

BiblioLux

- Dës Online-Bibliographie verzechent d'Fuerschungsliteratur zur lëtzebuergescher Linguistik vum Ufank vum 19. Jorhonnert bis haut. Erfasst gi wëssenschaftlech Verëffentlechungen iwwer d'lëtzebuergesche Sprooch aus alle linguistesche Fachdeeler. Froestellungen, déi un d'Lëtzebuergesch ugrenzen, ginn och opgehol.
- <http://engelmann.uni.lu/bibliolux>

Dictionnaren

- A Kooperatioun vun der Universitéit Lëtzebuerg an dem *Trierer Kompetenzzentrum* op der Universitéit Tréier goufen déi dräi eesproocheg Dictionnairë vum Lëtzebuergeschen aus de Joren 1847, 1906 an 1950-1977 volltextdigitaliséiert a kënnen online duerchsicht ginn.
- <http://infolux.uni.lu/worterbucher>

Luxogramm

- Luxogramm gëtt lech grammatesch Informatiounen iwwert (bal) all d'lëtzebuergesche Verben.
- <http://luxogramm.uni.lu>

Digitaler Luxemburger Sprachatlas

- Dëse Projet gouf a Kooperatioun vum *Fond National de la Recherche (Luxembourg)*, den Universitéiten Tréier a Lëtzebuerg an dem *Deutscher Sprachatlas* zu Marburg ugaangen. Ausgangspunkt ass déi weiderféierend Opbereedung an Digitaliséierung vum *Luxemburger Sprachatlas*, dee vum Robert Bruch 1963 publizéiert gouf.
- <http://www.luxsa.info/>